Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15. November 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

En Donneschdeg, de 14. November huet d'EU-Parlament verschidden Amendementen zum EU-Reglement iwwert d'Ofholze vun de Reebëscher gestëmmt, an och decidéiert, d'Applikatioun vum Text em ee Joer ze verréckelen. Dës Decisioun muss an enger nächster Etapp och vum Ministerrot ugeholl ginn, soss trëtt d'Gesetz den 1. Januar 2025 a Kraaft. D'Betriber wëssen domat gutt siwe Wochen, ier d'Gesetz potentiell verbindlech gëtt, nach net, op wéi eng rechtlech Situatioun si sech genee mussen astellen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ëmweltminister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Wäert den Här Minister déi vum EU-Parlament decidéiert Amendementen am Ministerrot ënnerstëtzen? Falls net, firwat net?
2) Wäert den Här Minister d'Propose, déi souwuel vun der EU-Kommissioun, wéi och elo vum Parlament gedroe gëtt, fir d'Applikatioun vum Gesetz ëm ee Joer ze verréckelen, am Ministerrot ënnerstëtzen? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten